N°2989
Entrée le 06.10.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.10.2025
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 6. Oktober 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Elteren, déi mat hire Kanner wollten un de Feierlechkeeten fir den Trounwiessel deelhuelen, konnte fir den 3. Oktober 2025 eng Schouldispens ufroen. D'Regierung hat decidéiert, dass den Dag vum Trounwiessel keen allgemenge Feierdag sollt sinn, mee dass et den Elteren awer sollt méiglech sinn, hier Kanner ausnamsweis net an d'Schoul ze schécken.

An deem Kontext wéilt ech dem Minister follgend Froe stellen:

- Ass der Regierung bekannt, fir wéi vill Kanner fir den 3. Oktober 2025 eng Schouldispens ugefrot ginn ass?
- Falls jo, ëm wéi vill Kanner handelt et sech a kann de Minister d'Zuelen tëscht Fondamental a Lycée an eventuell och no Direktioun vum Fondamental opschlësselen?

Mat déiwem Respekt,

Ben Polidori

Deputéierten



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 2989 vum honorabelen Deputéierte Ben Polidori**

1. **Ass der Regierung bekannt, fir wéi vill Kanner fir den 3. Oktober 2025 eng Schouldispens ugefrot ginn ass?**
2. **Falls jo, ëm wéi vill Kanner handelt et sech a kann de Minister d'Zuelen tëscht Fondamental a Lycée an eventuell och no Direktioun vum Fondamental opschlësselen?**

Am Kader vum Trounwiessel konnte Schüler, déi un den offiziellen Evenementer wollten deelhuelen, vum Schoulunterrecht fräigestallt ginn. Dëst entsprécht der selwechter Prozedur wéi se fir aner grouss kulturell Evenementer virgesinn ass.

Wéi et am Artikel 12[1] vun der *Loi modifiée du 20 juillet 2023 relative à l'obligation scolaire* festgehalen ass, huet d'Demande fir eng Dispens misse schrëftlech vun den Elteren oder vum groussjärege Schüler un den Titulaire de classe oder un de Régent vun der Klass eragereecht ginn.

Am Enseignement fondamental goufen an dësem Kontext 885 Dispensen accordéiert, déi sech follgendermoosse verdeelen:

| | |
|---|---|
| DR01 | 132 |
| DR02 | 127 |
| DR03 | 50 |
| DR04 | 46 |
| DR05 | 53 |
| DR06 | 15 |
| DR07 | 60 |
| DR08 | 83 |
| DR09 | 29 |
| DR10 | 47 |
| DR11 | 48 |
| DR12 | 61 |
| DR13 | 41 |
| DR14 | 37 |
| DR15 | 56 |

[1] *"Des dispenses de suivre les cours, activités et stages obligatoires peuvent être accordées, sur demande, pour cause d'événement important de famille, d'activité culturelle, d'activité sportive, d'activité de bienfaisance ou d'activité civique. La demande écrite et motivée doit être présentée par les personnes titulaires de l'autorité parentale au plus tard trois jours ouvrés avant le début de l'absence sollicitée."*

Am Enseignement secondaire kruten 18.773 Schüler eng Dispens accordéiert. Den Detail geet aus dem Tableau hei drënner ervir.

| | | | |
|---|---|---|---|
| AL | 1131 | LGK | 609 |
| ALR | 126 | LGL | 478 |
| BLL | 288 | LHCE | 372 |
| ECG | 395 | LJBM | 488 |
| EHTL | 187 | LLIS | 799 |
| EIDE | 369 | LMA | 1140 |
| EIGT | 437 | LML | 960 |
| EIMAB | 217 | LMRL | 769 |
| EIMLB | 63 | LN | 506 |
| ENAD | 75 | LNB | 663 |
| ENSA | 463 | LRSL | 209 |
| LAM | 869 | LTA | 195 |
| LAML | 766 | LTC | 1232 |
| LBV | 532 | LTETT | 462 |
| LCD | 395 | LTL | 942 |
| LCE | 598 | LTPES | 383 |
| LEM | 281 | MLG | 434 |
| LESC | 251 | NOSL | 363 |
| LGE | 211 | SLL | 115 |

Lëtzebuerg, den 31. Oktober 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH